

**Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister vun der Nohalteger Entwécklung
an den Infrastrukturen, op eng parlamentaresch Fro n° 1762 vum 1. Februar 2016
vum Här Deputéierten Gast Gibéryen**

Den honorabelen Deputéierten huet e puer Froen iwer de Budgetsartikel 20.2.31.040 vum
öffentlechen Service duerch den Bus, och RGTR genannt.

1. De Kredit vum Budgetsartikel am Joer 2015, deen dofir virgesinn ass fir d'Käschten vum öffentlechen Transport am Kader vum RGTR ze bezuelen, goung effektiv um Enn vum Joer net méi duer fir d'Prestatiounen vum Dezember 2015 kënnen ze bezuelen.
2. Ech wees näischt vun enger interner FLEAA Circulaire, mais di genannten Zomm ass bal richtig; fir ganz genee ze sinn hunn 5.378.745 € gefeelt, ausgangen op een initialen Budgetskredit vun 143.640.000 €.
3. Den 25. Januar 2016 ass meng Demande de dépassement un de Finanzminister adresséiert ginn, mat engem Vermierk zur besonnescher Dringlechkeet.
4. Mat der Prozedur ass kengesfalls laang gewaard ginn. Ech kann ower prinzipiell eréischt den Décompte maachen wann d'Facturen vun all de Busbetriber erakomm sin. Ausserdeem kann ee réischt en Dépassement ufroen wann net méi genuch Fongen um concernéierten Kredit sinn, an net schons am Virus.
5. Am Kader vum Chantier Hamilius an der Réorganisatioun vu verschidde RGTR-Linnen goufen ab Juni 2015 25 zousätzlech Busëmleef agesat. 10 weider Ëmleef goufen wéinst staarker Besetzung bäigesat, well mer op verschidde Linnen d'Clients net méi gepackt hunn. Doriwwer eraus hunn ech am Hierscht aus der Région Diddenuewen Richtung Kierchbierg eng nei Verstärkerlinn vun der Linn 300 agefouert, a finalement sin wéinst der Ouverture vun der Uni Belval am September 4 nei grenziwwerschreidend Linnen geschaf gin déi aus eisen 3 Nopeschlänner kommen.

Ech wëll zur Vollstännechkeet drop hiweisen, dass de Finanzminister den Dépassement entretemps schon accordéiert huet an ech den Ordre de paiement dozou den 17. Februar ënnerschriwwen hunn; dësen Délai ass also extrem kuerz gewiescht. Doriwwer eraus weisen ech drop hinn, dass dëst di üblech Prozedure sinn, sou wéi se am Comptabilitéitsgesetz vum 8. Juni 1999 virgesi sinn.